# Rapport Referees' Commission – 23.04.2024

Present : Frieseisen, Geib, Keiffer F., Keiffer N., Kröpelin, Nesser, Simonelli, Volz; Weber, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 26.03.2024***

2) ***EHF Head of referees' meeting:***

*De Patrick Simonlli gëtt e klenge Resumé iwwert d'EHF Konferenz vun den Arbitterchef-fen, déi den 20. Abrëll zu Wien war.*
*Allgemeng ass festgestallt ginn, dass et bei allen Natioune Problemer ginn, fir Nowuess am Arbitrage ze fannen. Bei der IHF ginn et 70 Koppelen (12 Dame-Koppelen), dovunner 46 (7) aus Europa. Moyenne ass +/- 37 Joer, 38 fir Europa.*
*D'EHF huet 131 (109/22) Koppelen am Asaz, 39 Kandidate Koppelen an och 39 am YRP. Donieft sinn nach 41 Delegué aktiv, dovunner ronn 20% Fraen.*
*Fir de YRP mussen déi 2 Arbitter tëschent 20 a 26 Joer hunn. All Natioun kann eng weiblech an eng männlech (oder mixt) Koppel umellen. D'RefCom ass am Moment am Gaangen mat dem Luca Stock an Tomi Dilber eng Koppel fir de YRP ze preparéieren. Weiter Themae waren : Schauspillerei, Uworf zesumme mam Uworf-Korridor, „long step“ an de Kapptreffer.*

3) ***Examen:***

*D'RefCom huet weider Exame fir den A an den C Schäi programméiert.*

4) ***Bäll vum Sponsor fir den FLH-Final4***

*Bei der Kontroll vun de Bäll, déi vum Sponsor fir den FLH-Final4 gestallt goufen, ass festgestallt ginn, dass dës Bäll leider net ganz der reglementairer Gréisst entspriechen. D'RefCom ass gefrot ginn, hei eng Decisioun ze huelen. Hei d'Äntwert déi d'RefCom de Membere vum CA geschéckt huet :*
*D'RefCom ass der Meenung, dass fir all Match d'Bäll déi reglementaire Gréisst sollen hunn. Hei gëtt et een IHF Ball Reglement, wat d'RefCom net einfach ignoréiere kann. Och wëll d'RefCom net géint d'Arbitter goen, déi hier Aarbecht korrekt gemaach hunn, an ze kleng Bäll fir Matcher refuséiert hunn. Op der anerer Säit schafft d'RefCom awer gären am Sënn vun der Federatioun an hire Sponsoren a gesäit kloer de Virdeel vun enger gudder Zesummenaarbecht. D'RefCom erkennt och d'Schwieregkeet vum Sponsor, fir kuerzfristeg aner Bäll produzéieren ze loossen. Aus deene Grënn kann d'RefCom sech hei leider net positionéieren.*

**Nächst RefCom: Freides de 14. Juni 2024 um 19h00**